N°3728
Entrée le 03.04.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Madamm Yuriko Backes, Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op d'parlamentaresch Fro n° 3728 vum 05.03.2026 vum honorablen Deputéierten Ben Polidori betreffend den Ausfäll am ëffentlechen Transport**

- **Wéi vill Ausfäll vu RGTR-Busser sinn an de leschte 5 Joer an den Haaptachsen 1 an 9, no Mount opgeschlësselt, registréiert ginn?**

Fir des Analyse goufen déi wichtegst Buslinnen an dësen 2 Regioun analyséiert: 110, 111, 119, 130, 170, 901, 902, 903, 911, 950. Des 10 Linnen hu ronn 150 000 Faarten am Joer.

De follgenden Tableau weist d'Ausfäll vun den Faarten un, déi an den Haaptachsen 1 (Regioun Norden) an 9 (Regioun Westen - Réiden op der Atert) säit dem Ufank vun den RGTR-Déngschtleeschtungsverträg am Juli 2022 registréiert goufen:

| | **2022** | **2023** | **2024** | **2025** | **2026** |
|---|---|---|---|---|---|
| **Januar** | / | 12 | 17 | 23 | 35 |
| **Februar** | / | 12 | 13 | 18 | 12 |
| **Mäerz** | / | 8 | 4 | 16 | 2 (*) |
| **Abrëll** | / | 5 | 20 | 21 | / |
| **Mee** | / | 8 | 8 | 18 | / |
| **Juni** | / | 20 | 15 | 19 | / |
| **Juli** | 10 | 19 | 22 | 14 | / |
| **August** | 4 | 21 | 14 | 16 | / |
| **September** | 12 | 16 | 17 | 18 | / |
| **Oktober** | 24 | 7 | 25 | 30 | / |
| **November** | 8 | 15 | 33 | 21 | / |
| **Dezember** | 20 | 22 | 30 | 13 | / |

(* Stand 12. Mäerz 2026)

Op den Haaptachsen 1 an 9 si säit Juli 2022, 737 Ausfäll bei den Faarte registréiert ginn, dëst ass fir 2025 ronn 1 Faart vu 660.

- **Wéi vill Ausfäll vun Zich sinn an de leschte 5 Joer op der Linn 10, no Mount opgeschlësselt, registréiert ginn?**

An der Moyenne op 5 Joer gekuckt, hunn d'CFL ongeféier **6 300 Zich pro Mount** (ausgefalen Zich abegraff) fir d'Linn 10 registréiert. Am Joer 2021 waren et der ongeféier 5 750 an am Joer 2025 6 600 Zich pro Mount.

Bei den Zich ass follgend Unzuel un Ausfäll pro Mount a Joer fir d'Linn 10 registréiert ginn.

| | **2021** | **2022** | **2023** | **2024** | **2025** | **2026** |
|---|---|---|---|---|---|---|
| Januar | 166 | 99 | 287 | 229 | 269 | 294 |
| Februar | 246 | 224 | 131 | 106 | 378 | 169 |
| Mäerz | 158 | 131 | 366 | 133 | 401 | 187 (*) |
| Abräll | 185 | 117 | 111 | 251 | 201 | |
| Mee | 110 | 136 | 93 | 158 | 216 | |
| Juni | 220 | 202 | 109 | 113 | 270 | |
| Juli | 676 | 152 | 110 | 101 | 137 | |
| August | 124 | 118 | 153 | 119 | 98 | |
| September | 121 | 370 | 159 | 169 | 227 | |
| Oktober | 116 | 307 | 113 | 210 | 250 | |
| November | 122 | 249 | 199 | 187 | 232 | |
| Dezember | 115 | 231 | 127 | 164 | 129 | |

(* bis de 24. Mäerz 2026)

Et ass ze präziséieren, datt Décommanden, déi méi wéi 3 Aarbechtsdeeg am Viraus wéinst geplangten Aarbechten un der Infrastruktur erfollegen, net an de Statistike vun den Zuchausfäll berücksichtegt ginn.

- **Wat sinn d'Haaptursaache fir dës Ausfäll?**

Heidrënner sinn d'Ausfallursaache fir Zich vun der Ligne 10 am Zäitraum 01/01/2021-24/03/2026.

31,3% vun de Fäll waren op extern Ursaachen zréckzeféieren. Dorënner falen Streikaktiounen am Ausland, Persounen, déi sech op de Gleiser ophalen, Gefierer op de Bunn-Iwwergäng souwéi meteorologesche Bedéngungen.

30,5% waren a Relatioun mat der Infrastruktur an der Exploitatioun.

A 27,9% vun de Fäll stoung et mam Material respektiv der Planifikatioun a Verbindung.

- **Wat war déi duerchschnëttlech Dauer vun dësen Ausfäll?**

Esou eng Statistik feiert d'CFL net.

- **Wéi eng Strecken oder Linnen – no Transportmëttel differenzéiert – sinn am heefegste betraff?**

Am RGTR si follgend dräi Linnen an de leschte 5 Joer am heefegste betraff gewiescht:

- Ligne RGTR 130: Ettelbruck, Gare routière - (B) Bastogne, Centre Sportif
- Ligne RGTR 903: LUX Centre, Stäreplaz - Harlange, Hareler Poteau
- Ligne RGTR 911: LUX Centre, Stäreplaz - Mertzig, Internat

Heidrënner sin opgeschlësselt pro Streck d'Ausfäll vun den Zich op der Linn 10 am Zäitraum 01/01/2021 – 24/03/2026 :

| **Streck** | **Ausfäll (%)** |
|---|---|
| Luxembourg - Mersch | 6,2% |
| Luxembourg - Diekirch | 3,7% |
| Luxembourg - Troisvierges | 3,0% |
| Kautenbach - Wiltz | 1,2% |

Lëtzebuerg, den 3. Abrëll 2026

Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes